



**Äntwert vun der Madamm Justizministesch an dem Här Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlamentaresch Fro n°6874 vum 21. September 2022 vun den honorabelen Hären Deputéierten Gilles ROTH a Laurent MOSAR iwwert d'Vorratsdatespäicherung**

**Zur Fro 1 - Wéi ee politeschen, juristeschen a prakteschen Impakt huet d'Urteil vum EuGH fir Lëtzebuerg, wëssend dass et sech net em déi éischt Jurisprudenz an deem Kader handelt?**

D'Urteil "SpaceNet" an den Affairen C-793/19 an C-794/19, vum 20. September 2022, konfirméiert dem EuGH seng rezente Jurisprudenz am Kader vun der Vorratsdatenspäicherung.

De Gerichtshaff vun der Europäescher Unioun huet nach eng Kéier bestätegt, datt eng allgemeng an ondifferenziert Rétentiou vu Verkéiers- a Standortdaten ausgeschloss ass, ausser et gëtt eng seriö Gefor fir d'national Sécherheet. Fir eescht Kriminalitéit ze bekämpfen, kënnen d'Memberstaaten awer, am strikte Respekt vum Proportionalitéitsprinzip, geziilt Rétentiou vun esou Donnéeën virgesinn, souwéi allgemeng an ondiskriminéiert Späichere vun IP Adressen.

**Zur Fro 2 - Verstéisst eist aktuell Telekommunikationsgesetz zu Lëtzebuerg an den Ae vun der Regierung konkret géint EU-Recht?**

Bis haut gouf d'Validitéit vum geännerte Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwer de Schutz vun der Privatsphär am elektronische Kommunikationssektor net virun de Lëtzebuerger Gerichter a Fro gestallt.

**Zur Fro 3 - Firwat gëtt esou laang gewaart mam Virleeë vum ugekënnegte Projet de loi zum generelle Späichere vun Donnéeën, obwuel de Problem scho säit Jore besteet? Wéini ass mam Projet ze rechnen?**

Fir ze verhënneren, dass et op EU Niveau zu fragmentéierte Législatiounen am Beräich vun der Datespäicherung kënn, huet Lëtzebuerg zesumme mat enger Majoritéit vu Memberstate fir eng europäesch Léisung plaidéiert, déi konform ass mat der Jurisprudenz vun der CJUE.

An Erwaardung vun enger europäescher Léisung, huet de Justizministère effektiv ugefangen un engem Gesetzprojet ze schaffen, deen den Evolutiounen vun der europäescher Jurisprudenz Rechnung droen soll. Des Jurisprudenz, déi de Prinzip präziséiert a spezifescht Critère festleet un deene sech eng national Legislatioun riichten soll gouf eréischt duerch d'Urteil « Quadrature du Net et FDN » an « Privacy International » vum 6 Oktober 2020 an d'Urteil « Commissioner of the Garda Síochána e.a » vum 5 Abrëll 2022 gesprach.

De Gesetzprojet wäert an den nächste Wochen am Regierungsrot presentéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 25 Oktober 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson